



schléissen. Och d'Republik Uruguay ass ee grouss Krack méi grouss wéi eist Land. An zwar huet Uruguay ëm déi 3,5 Milliounen Awunner. Et ass awer trotzdeem dat klengst spueneschsproochegt Land um südamerikanesche Kontinent. An et ass eng Republik mat Grenzen zum Atlantik, zu Brasilien an natierlech och Argentinien. Vu datt Uruguay fir südamerikanesch Verhältnisse en éischter klengt Land ass, sinn dann och hei - tëschent Gänsefeischer - „nëmmen 22 Leit“ zu Lëtzebuerg vun dëser Konventioun betrëff.

Ech kéim dann och direkt zréck zum eigentlechen Objet vun dem Projet de loi an och zum Statsrot sengem Avis, deen en heizou ofginn huet. En huet virun allem zwou Remarque gemaach: Eemol wat den Artikel 10 ugeet, wou virgesinn ass, datt d'Autoritéite vun deenen zwee State weider Ausnahmeregelunge kënnen bestëmmen oder déi ofänneren, déi an der Konventioun drastinn. De Statsrot mengt, datt et do ëm méi wéi Ëmsetzungsbestëmmunge geet an datt déi deemno musse vun der Chamber gréng Luucht kréien.

D'Situatioun présentéiert sech dann awer anescht bei hier zweeter Remarque zum Artikel 21. Well do geet et ebe just ëm d'Ëmsetzungsbestëmmungen; déi kënnen einfach am Mémorial publizéiert ginn.

D'Kommissioun huet, wéi gesot, dësen Avis vum Statsrot gekuckt, huet dunn och iwwer mäi schréffleche Rapport diskutéiert an huet deen och unanime akzeptéiert. An ech géif dann och d'Plénière hei nach eng Kéier bidden, datselwecht mam Projet de loi ze maachen.

Fir d'Sozialiste ginn ech op alle Fall och den Accord zu dësem Projet de loi. An ech soen Iech, léif Kolleeginnen a Kolleegen, an dem Minister natierlech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. le Président.**- An ech soen der Madame Rapportrice Merci. Dat schéngt alles komplett ze sinn, soudatt och den zoustännege Minister net drop hält, nach zousätzlech Erklärungen ze ginn, soudatt mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi kënnen kommen.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi 6520 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss. An de Projet de loi 6520 ass ugehoill mat 58 Jo-Stëmmen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6520 est adopté par 59 voix.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner (par M. Lucien Clement), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Pierre Mellina, Mme Martine Mergen (par M. Félix Eischen), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Robert Weber, Lucien Weiler (par Mme Marie-Josée Frank), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Carlo Wagner) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser;

M. Jean Colombero;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

### (Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Da komme mer elo zum Projet de loi 6473 iwwert d'Sécherheet vun de Spillsaachen. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: d'Madame Adehm, den Här Kox an den Här Colombero.

An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den Här Claude Haagen. Här Haagen, Dir hutt d'Wuert.

## 3. 6473 - Projet de loi modifiant la loi du 15 décembre 2010 relative à la sécurité des jouets

Rapport de la Commission de l'Économie, du Commerce extérieur et de l'Économie solidaire

► **M. Claude Haagen** (LSAP), rapporteur.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 6473, deen d'Gesetz vum 15. Dezember 2010 iwwert d'Sécherheet vun de Spillsaachen ëmännert, ass den 28. August 2012 hei an der Chamber vum Wirtschaftsminister déposéiert ginn. D'Chambre des Métiers an d'Chambre de Commerce hunn hir Avisen ofginn. An de Statsrot huet säin Avis de 14. Mee vun dësem Joer eraginn.

An der Ekonomieskommissioun ass de Projet de loi, nodeem ech als Rapporteur designéiert gi sinn, den 23. Mee examinéiert ginn. Den 13. Juni ass dëse Rapport dunn an der Wirtschaftskommissioun mat der Abstentoun vun déi gréng ugeholl ginn.

De Sënn vun dësem Projet de loi ass et, fir d'europäesch Direktiv iwwert d'Sécherheet vun de Spillsaachen an déi national Gesetzgebung ze transposéieren. Dës Direktiv iwwerschaaft eng europäesch Direktiv aus dem Joer 2009, déi mer duerch d'Gesetz vum 15. Dezember 2010 schonn transposéiert haten. Konkret hu mer et an dësem Fall mat der Upassung vun de Grenzwärter vum Kadmium an de Spillsaachen ze dinn.

Här President, an deenen nächste Jore wäerten, bedéngt duerch den technesche Progrès, ëmmer erëm Upassunge kommen, dëst um Niveau vun de Grenzwärter vun deene verschiddene chemesche Stoffe, déi an de Spillsaachen dierfen enthalen sinn, an dëst am Sënn vun enger permanenter Verbesserung vum Schutz vun der Gesondheet notament vun de Kanner.

D'Regierung huet gemengt, dës Adaptatioun iwwer eng einfach Publikatioun am Mémorial ze maachen an net duerch ee legislativen oder réglementairen Akt. D'Regierung huet sech och do op bestehend Gesetzer beruff, wou op dës Method zréckgegraff ginn ass. Dat war zum Beispill de Fall beim Gesetz vum 28. Juni 2012 iwwert d'Transfertkonditioun vu Produiten am Secteur vun der Défense an der Europäescher Unioun.

D'Argumentatioun war och, datt d'Ëmsetzung an déi domadder verbonnen Upassung vun den Annexen, wou déi chemesche Stoffe opgezéit an definéiert sinn, iwwer eng legislativ a réglementaire Prozedur vill Zäit géife kaschten.

Fir dëst ze maachen, huet d'Regierung an dësem Projet de loi och nëmmen een Artikel virgesinn, nämlech fir d'Ëmännerung vun den Annexen iwwert de Wee vun enger - an ech hunn et scho gesot - Publikatioun am Mémorial ze maachen. Dëst ass awer op Kritik vun der Chambre de Commerce gestouss, och wa si de Sënn vun der Simplification administrative erkennt.

De Statsrot huet a sengem Avis genau datselwecht mat enger Opposition formelle beleucht, nämlech datt d'Transpositioun an nationaalt Recht nëmme mat engem Acte de transposition ka realiséiert ginn an net einfach mat enger Publikatioun am Mémorial, déi dann net konform ass.

De Conseil d'État léisst och d'Argumenter vun der Lourdeur administrative net gëllen a plädéiert fir eng Transpositioun iwwer Règlement grand-ducal. Am selwechte Kontext huet dat héicht Haus awer och eng Proposition de texte gemaach, fir eng Procédure de transposition simplifiée ze maachen, andeem mer dat bestehend Gesetz vum 15. Dezember 2010 esou adaptéieren, datt éischters ee Renvoi automatique op d'Annexe vun der europäescher Direktiv gemaach gëtt an zweetens Präzisounen formuléiert ginn, déi d'Entrée en vigueur an d'Publikatioun vun dëse Modifikatiounen betreffen.

Här President, dëst ass eng einfach an optimal Léisung fir d'Upassung vun Normen an europäeschen Annexen un eis Lëtzebuurger Gesetzgebung. Op dës Aart a Weis ass eis Gesetzgebung an dësem Sënn ëmmer permanent aktuell. D'Ekonomieskommissioun war also och darselwechter Meinung wéi de Statsrot, war mat deem Text och d'accord an huet also d'Propositoun vum Statsrot iwwerholl.

Fir dëst Gesetz bedeit et, datt mer een neien Artikel derbäisetzen, deen d'Entrée en vigueur vun den Ëmännerunge vun den Annexen preziséiert, an och, wat d'Ëmännerungen ubelaangt, fir d'Bierger mat engem Avis am Mémorial mat der Referenz op de Journal officiel vun der Europäescher Unioun ze informéieren.

D'Logik vun dëser Transpositioun bedeit dann och, datt mer d'Abrogatioun vun de bestehenden Annexen vum Gesetz vum 15. Dezember 2010 iwwert d'Sécherheet vun de Spillsaachen an engem zweeten Artikel an dësem Projet de loi bäisetzen.

Dat gesot, soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn natierlech och den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Rapporteur. Als éischt Riednerin ass d'Madame

Diane Adehm agedroen. Madame Adehm, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

► **Mme Diane Adehm** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Gesetz vum 15. Dezember 2010 huet als Zil, d'Sécherheet vun de Spillsaachen ze verbessern. Antëschent gëtt et nei wëssenschaftlech Daten. De Grenzwäert vum Kadmium, deen an de Spillsaachen dran ass, gëtt erofgesat. Dat ass eng gutt Saach, an als CSV-Fraktioun begrüesse mir dëst ausdrécklech.

D'Diskussioun iwwert dëse Gesetzestext huet sech awer virun allem ëm d'Form gedréit. De Grenzwäert vum Kadmium, dee mer also haut erofsetze sollen, stoung nämlech an enger Annex vum Gesetz vum 15. Dezember 2010. An hei gouf et verschidden Opfaassungen, wéi dës Upassung dann ze geschéien hätt, sief et iwwer e separat Gesetz, wat mir dann och haut maachen, oder iwwer e Règlement grand-ducal.

De Statsrot huet nämlech eng Opposition formelle gemaach bei enger einfacher Veröffentlechung am Mémorial vun den eventuellen Upassungen an den Annexen.

Eng einfach Publikatioun vun engem europäeschen Text kann nämlech keen nationaalt Gesetz oder seng Annexen ausser Kraaft setzen. Dofir gëtt elo am Gesetz festgeschriwwen, wéi eng Annexen nëmme kënnen iwwert de Wee vun enger Transpositioun vun enger europäescher Direktiv geännert ginn a wéi eng Annexen direkt mat geännert ginn, wann an der europäescher Direktiv eppes an den Annexe geännert gëtt.

Ofschléissend ginn ech den Accord vun der CSV-Fraktioun a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci der Madame Adehm. Als nächste Riedner ass den Här Kox agedroen. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Henri Kox** (déi gréng).- Merci, Här President. Ech wëll och am Numm vun der grénger Fraktioun d'Zoustëmmung zu dësem Gesetz ginn.

Wat d'Form ubelaangt, ass jo schonn erkläert ginn. Mä mir hunn insbesondere éischter en inhaltleche Problem. Sécherlech bréngt dëst Gesetz eng Verbesserung erbäi, e minimale Schrëtt, fir méi propper Spillsaachen ze kréien. Et geet nämlech ëm d'Verschäerfung vum Grenzwäert um Schwéiermetall Kadmium.

déi gréng plädéieren um EU-Niveau ganz vehement dergéint (veuillez lire: derfir), dass net nëmmen an de Spillsaache Grenzwärter agefouert sollte ginn, mä generell a Produkter, déi am Zusammenhang insbesondere mat Kanner, mä och mat Erwuessene sinn, dee Grenzwäert soll erofgesat ginn.

Et kann nämlech net sinn, dass Chemikalien respektiv kriebserregend oder fortpflanzungsschiedlech Produkter weiderhi benotzt ginn. Déi hunn definitiv guer näischt an enger Spillsaach ze sichen. An dofir sinn d'Elteren och méi wéi opbruecht, wa se dat op esou Spillsaache liesen.

Leider krut dës Fuerderung vun deene Gréngen am EU-Parlament nach ëmmer net déi néideg Zoustëmmung. Och deels bei de Mitgliedsländer ass déi Majoritéit nach ëmmer net ze gesinn. Dofir eis Fuerderung un déi Lëtzebuurger Regierung, bei där nächster Verschäerfung ganz vehement derfir ze plädéieren, dass déi Grenzwärter éierlech agehale ginn respektiv esou Substanze guer net méi a Spillsaachen agesat ginn.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Kox. An als nächste Riedner ass den Här Kartheiser agedroen. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo, Här President, villmools Merci. Vun eiser Säit aus och e Merci un de Rapporteur fir dee ganz komplette Rapport. Mir freeën eis selbstverständlech och, datt d'Spillsaache méi sécher ginn op dës Manéier. Mä dee Kommentar, dee mer just wollte maachen, dat ass, wat d'Transpositioun vun den europäesche Rechtsinstrumenter ugeet.

Et ass wichteg, datt mer eng Prozedur hunn, déi selbstverständlech eis national Souveränitéit respektéiert an och esou wäit wéi méiglech eng parlamentaresch Dimensioun an der Ëmsetzung vun den europäesche Rechtsinstrumenter beinhaltet. Dat si wichteg Saachen, fir datt mer ganz kloer markéieren, datt mer zwar eng Vereinfachung vun der Prozedur ustriewen, dat awer weder op Käschte vun der Souveränitéit nach op Käschte vun der parlamentarescher Dimensioun.

Ech soen Iech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Kartheiser. De leschten agedroene Riedner ass den Här Colombero.

► **M. Jean Colombero** (Onofhängeg).- Merci, Här President. Fir d'Éischt e Merci un den Här Haagen fir säin ausféierleche Bericht. Hei gëtt gesot, hei ginn d'Grenzwärter vum Kadmium ugepasst no wëssenschaftlechen Daten. An da si mer alleguerte frou, wann dat geschitt. Mä et muss een einfach wëssen, datt e Schwéiermetall e Schwéiermetall ass. Dir hutt net eleng mat Grenzwärter ze dinn. Toxesch ass toxesch.

D'autant plus, dass net eleng de Kadmium zoustänneg ass fir d'Vergëftung vum Kierper, ënner anerem Hoerausfall, Sehstörungen, Kriibs a gentoxesch Problemer, souguer Osteoporos, mä do sinn och aner Schwéiermetaller wéi Arsen, Bläi, Chrom, Kobalt, Koffer, Mangan, Nickel, Quecksëlwer, Thallium, Zénk.

Dat heescht, an anere Wieder: Wa mer bei all Element elo d'Grenzwärter erofdrécken, da musse mer awer och wëssen, dass d'Additioun vun deene verschiddenen Elementer, dass dat eng ganz grouss Zomm ausmécht an dass dat eisen Immunsystem awer trotzdem ofschwächt.

Duerfir ass et fir mech net richtig, wann een einfach déi Saach do no ënne schrauft, mä et misst total verschwannen.

Ech wäert mech da bei deem Gesetz, Här Minister, enthalen.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Colombero. D'Wuert kritt den zoustännege Gesondheitsminister. Här Minister, wann ech gelift.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass richtig gesot ginn, dass dat hei e weidere Schrëtt ass a Richtung méi propper Spillsaachen. Ech géif mer, wéi meng Virriedner, wënschen, dass mer wierklech propper Spillsaachen hunn an net nëmme bal propperer. Well déi gëtt et, och wann ee sech d'Méi muss ginn, fir ze sichen.

Ech ënnerstëtze selbstverständlech déi Suggestiounen, fir déi niddregst Grenzwärter um europäesche Plang ze encouragéieren. A vu dass ech net selwer de Wirtschaftsminister sinn, nëmmen den ff fir e kuerze Moment, wäert ech dat mengem Kolleeg mat op de Wee ginn.

Ganz besonnesch frou sinn ech doriwwer, dass mer et fäerdegbruecht hunn, fir wann et Verbesserung geëtt um europäesche Plang, dass mer déi net laang schleefe loosse, mä dass mer se ganz schnell an onproblematesch an d'Praxis kënnen ëmsetzen.

Dat gesot, géif ech der Chamber Merci soen a bedauern, dass mer eng Abstentoun bei där gudder Saach hei kritt hunn.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem zoustännege Minister.

Domadder wär d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi 6473 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6473 ass ugehoill mat 57 Jo-Stëmmen, géint 2 Enthaltungen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6473 est adopté par 58 voix pour et 2 abstentions.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Pierre Mellina, Mme Martine Mergen (par M. Lucien Clement), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Robert Weber, Lucien Weiler (par Mme Marie-Josée Frank), Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen,





Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Xavier Bettel) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser;

M. Jacques-Yves Henckes.

Se sont abstenus: MM. Jean Colombera et Serge Urbany.

Wëllt ee seng Enthalung begrënnen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da géif ech elo d'Wuert un den Här Félix Braz gi fir den Dépôt vun enger Motioun. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

#### 4. Dépôt d'une motion par M. Félix Braz

► **M. Félix Braz** (déi gréng).- Merci, Här President. D'Türkei ass e wichtegt Land, och fir Lëtzebuerg e Partnerland, mat deem mer jo och an e puer Deeg wäerten eng direkt Flugverbindung hunn. Et ass e Partnerland am Conseil de l'Europe. An et ass och e Land, mat deem Gespräicher gefouert ginn iwwert d'Adhésioun vun deem Land an d'Europäesch Unioun.

Dat Land steet am Moment awer international an der Kritik. An eisen Aen zu Recht an der Kritik. Et ass ausgaange vun engem Immobiliëprojet, dem sougenannte Park Gezi zu Istanbul. An aus där Contestatioun huet sech eng méi allgemeng politesch Contestatioun an der Türkei breetgemaach op der Taksim-Plaz, déi mëttlerweil jiddwereen dierft kennen, zu Istanbul, awer och zu Ankara, zu Izmir an a villen aneren türkesche Stied och nach.

D'Polizei ass steigend mat ëmmer méi grousser Brutalitéit géint déi Leit virgaangen, déi do hir Meenung wollte public maachen, an et ass souguer zu der Drohung komm, dass d'Arméi kéint bannen am Land agesat gi géint déi Leit, déi do hir Meenung wëlle soen. Et si mëttlerweil scho weinstens véier Leit, déi hiert Liewe gelooss hunn am Kader vun deenen öffentleche Kundgebungen. Et sinn iwwer 7.000 Blesséierter kontabiliséiert ginn an der Türkei. An net méi spët wéi dee leschte Weekend koom et bannent zwee Deeg zu iwwer 600 Arrestatiounen an der Türkei, notament ronderëm d'Taksim-Plaz.

Mir hunn eng Motioun preparéiert, déi och vun der Fraktioun vun der LSAP, vun der Fraktioun vun der CSV a vun der Fraktioun vun der DP matgedroe gëtt. A mir wieren och frou, wann déi haut nach kéint zum Vote gestallt ginn an net eréischt an e puer Wochen, wa mer déi nächst Sitzungen hunn, Här President.

Mir mengen och net, dass een elo sollt d'Forderung stellen, dass d'Négociatioun mat der Türkei sollte gestoppt ginn, au contraire. Mir halen et, grad well et um demokratesche Plang nach däitleche Spillraum gëtt fir Verbesserungen an der Türkei, fir wichteg, dass déi Négociatiounen tëschent der Europäescher Unioun an der Türkei weidergefouert ginn, notament op der Fro vum Respekt vun de Mënscherechter. Mir mengen do, dass den Dialog, d'Verdeiwung vum Dialog méi bréngt wéi de Boykott an d'Zréckzéien.

Mir soen lech dofir elo schonn am Virus Merci fir d'Opmierksamkeet an och fir d'Zoustëmmung zu dëser Motioun. Déi dierft amgaange si verdeelt ze ginn oder et wier imminet, Här President, dass se verdeelt gëtt. Voilà, do komme se.

**Motion**

La Chambre des Députés,

- considérant les engagements pris par la Turquie en matière de respect des droits de l'Homme par son adhésion au Conseil de l'Europe;

- soulignant plus particulièrement le respect de la liberté de réunion et de manifestation, la liberté d'expression et la liberté de la presse;

- notant que l'article 34 de la constitution turque traduit cet engagement en garantissant le droit d'organiser des réunions et des manifestations pacifiques et non armées sans autorisation préalable;

- constatant qu'à plusieurs reprises déjà la police turque a délogé avec force les citoyens qui protes-

taient contre l'abattage de platanes et la destruction du parc Gezi d'Istanbul en vue de la réalisation d'un projet immobilier;

- condamnant le recours à la force excessif et disproportionné de la police turque pour réprimer les manifestations pacifiques du parc Gezi et de la place Taksim à Istanbul, de même que celles à Ankara, à Izmir et dans d'autres villes du pays;

- déplorant que le Gouvernement et le Premier ministre turcs persistent dans une stratégie d'affrontement vis-à-vis des manifestants qualifiés de «terroristes» et qu'ils ont menacé de déployer l'armée;

- choquée par les déclarations du Premier ministre qui a indiqué vouloir poursuivre les médecins qui ont soigné les manifestants blessés;

- déplorant le bilan humain de la répression du mouvement de contestation qui se monte à au moins quatre morts et près de 7.500 blessés;

- constatant que pendant le weekend du 15 au 16 juin 2013, la police turque a arrêté près de 600 personnes rien que dans les villes d'Istanbul et d'Ankara;

- soulignant l'impératif démocratique de renforcer les efforts de dialogue et de réconciliation et l'importance d'une politique de participation pluraliste des citoyens;

- rappelant que la Turquie est candidate à l'adhésion à l'Union européenne et que cela implique le respect des principes démocratiques;

- convaincue que les négociations pour l'adhésion de la Turquie à l'Union européenne ne doivent pas être suspendues en raison de la politique d'affrontement du Gouvernement turc, mais justement maintenues afin de favoriser le développement démocratique de la Turquie;

invite le Gouvernement à

- signifier au Gouvernement turc l'importance qu'attache le Luxembourg au respect des droits de l'Homme et plus particulièrement des libertés de réunion, de manifestation pacifique, d'expression et de la presse;

- demander la libération de tous les manifestants pacifiques incarcérés depuis le 31 mai 2013;

- inviter les autorités turques à s'engager sur la voie de la désescalade, du dialogue et de la réconciliation avec les manifestants.

(s.) Félix Braz, Anne Brasseur, Ben Fayot, Norbert Haupt, Josée Lorsché, Viviane Loschetter.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Braz. Ech géif da proposéieren, wann d'Kollegen herno alleguerten d'Motioun kritt hunn, da kéinte mer och vläicht uschlëssend doriwwer ofstëmmen.

Da komme mer elo zum...

(Interruption)

Jo?

#### 5. 6489 - Projet de loi portant approbation de la Convention de sécurité sociale entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République Fédérative du Brésil, signée à Luxembourg, le 22 juin 2012 (suite)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé, Ministre de la Sécurité sociale.**- Här President, just ganz kuerz. Ech war nach eng Äntwert schëlleg bliwwve bei dem viregten Débat, wou den Här Kartheiser gefrot hat, mat wat fir engen Exsowjetrepublik Gespräicher géife lafen. Ech kann dem Här Kartheiser soen, dass d'Gespräicher mat der Ukraine ugelaft sinn als éischt Land. Mat deenen anere sinn déi Kontakter nach net esou wäit fortgeschratt.

An eng zousätzlech Informatioun, net zu enger fréierer Sowjetrepublik, mä zum fréiere Jugoslawien. Do gëtt et Konventiounen mat alle Staaten, ausser dem Kosovo.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci nach fir déi Prezisiounen.

Da kéime mer elo zu eise leschte Punkt vum Ordre du jour vun haut de Mëtteg, nämlech enger Interpellatioun vum Här André Bauler iwwert d'Entwécklung vum Tourismussecteur. Hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: den Här Clement, den Här Scheuer, den Här Kox, den Här Colombera an den Här Kartheiser. D'Wuert huet elo den Auteur vun der Interpellatioun, den Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

#### 6. Interpellation de M. André Bauler au sujet de l'évolution du secteur touristique au Luxembourg

**Exposé**

► **M. André Bauler** (DP), interpellateur.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härën: „Et gëtt, Här President, e Secteur vun eiser nationaler Wirtschaft, dee mer ze vill dacks ënnerbelicht loossen. Dat ass de Secteur vum Tourismus. (...) Hei stiechen nach Wuesstumsposchen, déi mer mussen exploitéieren.“ Dëse Saz, Här President, ass net vu mir, mä e staamt vum Här Statsminister, deen am Mee 2012 am Kader vun der Debatt iwwert d'Lag vun der Natioun dës Ausso gemaach hat.

Jo, et gëtt effektiv nach Wuesstumpotenzial an eise Tourismussecteur. D'Fro, déi mer haut am Kader vun dëser Interpellatioun sollen diskutéieren, ass déi heiten: Wéi eng Potenzial gëtt et an eiser Tourismusbranche a wéi kënnen mer se beschränkt genotzen a valoriséieren?

Wann ee mat den Acteuren aus der Tourismusbranche schwätzt, da kritt ee gesot, datt et, global gesinn, dem Tourismus zu Lëtzebuerg net esou schlecht geet. Dat soll awer net driwwer ewechtäuschen, datt et och an deem Beräich eng Rei Problemer gëtt, eng Rei Saachen, déi net gutt lafen. Och iwwert dës Fro soll haut diskutéiert ginn.

Wat fir eng Problemer gëtt et? Wéi kënnen se behuue ginn? Sinn déi Mëttel, déi mer asetzen, nach adequat? Wat kënnen oder wat mussen mer maachen, fir d'Vermaartung vun eise Land ze verbessern? Wat fir eng Roll soll d'Politik spillen? Ass de Fënnefjoresplang nach ëmmer dat richtegt Instrument, wann et ëm d'Investitiounen am Tourismusberäich geet?

Wéi kënnen mer dat statistesch Material verbessern? Wësse mer zum Beispill, wéi vill Leit, déi hei am Land wunnen, am eegene Land e puer Deeg Vakanz maachen? A wa jo, wat sinn dann hir konkret Uspréich? Wéi grouss ass den Impakt vum Dages- an Eventtourismus am Kader vum ganzen Tourismus?

Här President, ech wëll, fir unzefänken, e puer Zuele presentéieren, déi d'Importenz vum Tourismus an eiser Économie an domadder an eise Land ënnersträichen. Den Émsaz vun der Tourismusbranche mécht knapp 8% vum gesamte PIB vun der EU aus. 18,7 Milliounen Leit schaffen an der EU an dësem Beräich. Dat weist d'Wichtigkeet vum Tourismussecteur a Saache Beschäftegung.

E puer Zuelen zu Lëtzebuerg: 2012 goufen am Tourismus hei am Land direkt an indirekt bal 2,5 Milliarden Euro Émsaz gemaach. Dat entsprécht 5,7% vun eise PIB. 17.500 Aarbechtsplazen hänke vun der Tourismusbranche of.

Iwwert dës Zuelen eraus huet den Tourismus awer nach eng ganz Rei vun aneren net ze ënnerschätzenden Effeten.

Éischten: Suen, déi vun Touristen hei am Land ausgi ginn, si sougenannt „foreign direct investments“, also Kapital, dat alljährlech vun auswärts direkt an eis Wirtschaft fléisst. Fir eng kleng Économie wéi Lëtzebuerg ass dat bien entendu immens wichteg.

Zweetens: D'Tourismusbranche kann, wa se gutt leeft, zu engem regelrechten Jobmotor ginn, grad och am Beräich vun Aarbechtsplaze mat niddreger Qualifikatioun, Aarbechtsplazen, wéi mer se an de leschte Jore kaum nach am Land geschafen hunn. Wat awer dréngend néideg wär, wéi eis d'Chômagezuele beweisen, wou iwwer 40% vun de Leit op der Sich no enger Aarbecht nëmme ganz geréng Qualifikatiounen hunn.

Drëttens: Fir de Stat an d'Gemengen ergi sech aus dem Tourismus eng ganz Rei vu Recetten: Akommessteier, TVA, Gewerbesteier, Grundsteier, etc.

Véiertens: D'touristesche Infrastrukturen an Offere wäerten de Liewensraum och fir déi lokal Bevëlkerung op an droen esou zu enger Verbesserung vun der Liewensqualitéit an der Attraktivitéit vun engem Standuert bäi. Kuckt ee sech den Trend vun de Migratiounen un, datt ëmmer méi Leit vum Land an d'Stied plënnere, da sinn attraktiv Standuertfacturen iwwerliewenswichtig fir de ländleche Raum an déi regional Économie.

Här President, Madame Minister, all dës Fakte kënnen awer net driwwer ewechtäuschen, datt mir zu Lëtzebuerg och Problemer am Tourismus hunn, grad am ländleche Raum. Während d'Zuel vun Iwwernuechtungen an der Stad Lëtzebuerg an deene leschten 20 Joer zimlech konstant bliwwen ass - ronn eng Millioun Iwwernuechtungen -, sinn d'Zuelen an de ländleche Regione regelrecht agebrach. Minus 56,7% am Éislek tëscht 1990 an 2010, minus 63% am Mëllerdall an deemselwechten Zäitraum, minus 60% op eise Campingen.

Dës negativ Entwécklung spigelt sech och an den Zuele vun den Hotelsbetriber erëm. Minus 42,5% am Éislek, bal minus 45% am Mëllerdall a minus 20% bei de Campingen.

Dës Zuele mussen eis ze denke ginn. A mir mussen eis froen, wat d'Ursache fir dësen negativen Trend sinn.

(Éternuement)

Gesondheet, Madame Minister!

Här President, eng Interpellatioun freet ee fir gewéinlech un, wann ee gewuer gëtt, datt an engem Beräich bestëmmt Saachen net gutt funktionnéieren. Ech wëll domadder net soen, datt am Tourismusberäich alles schlecht leeft. Au contraire! An de leschte Jore goufen eng Rei vun Efforte gemaach, déi haut och zu engem groussen Deel hir Friichten droen, speziell am Beräich vun der Organisatioun an dem Marketing.

Éier ech am Detail dorobber ze schwätze kommen, wëll ech virewech soen, datt an den Ae vun der demokratescher Fraktioun zu Lëtzebuerg lauter Professioneller am Beräich vum Tourismus schaffen. Et gëtt awer en Ënnerschied: Déi eng, déi gi bezuelt fir hir Aarbecht, an déi aner net.

D'Qualitéit vun hirer Aarbecht ass villfach déiselwecht a bëid Acteuren, déi professionell Bénévole an déi reng Professionell, kënnen vunenee léieren. Ech si fest dovunner iwwerzeegt, datt och am ländleche Raum, am Mëllerdall, op der Musel, am Norden, awer och am Süde vum Land touristesch Potenzial stiechen an Aarbechtsplazen erhalen oder geschafe kënnen ginn, wann déi erfuerdert Software, déi besonnesch déi öffentlech Hand finanziert, richtig agesat gëtt.

Et feelt wierklech net un historiesche Gebaier an u Muséëen, déi mer richteg valoriséieren mussen, souwuel infrastrukturell wéi och um Terrain vun der Vermaartung. Den ONT an d'ORTE kënnen do net ouni d'Matschaffe vun den - wéi mir dat nennen - fräiwëllege Professionelle funktionnéieren.

Jo, d'ORTE kënnen nach ganz vill vun Erfahrung vum deene Bénévolé léieren. Sou hunn den Här Buergermeeschter vun Dikrech an d'Presidentin vum lokale Syndicat d'initiative an engem Brëif den 19. Oktober 2012 un den Tourismusministère de Verantwortlechen un d'Häerz geluecht, deene jonken a begeeschterte Gestionnaire vum ORTAL eng Persoun zur Säit ze stellen, déi se regelméisseg beréit, hir Aktivitéite koordinéiert an deenen hir praktesch Ëmsetzung iwwerwaacht. Hei ass nach vill ze dinn. An den Tourismusministère muss sécherlech en zolitten Hoff maachen, fir dem ORTAL deen Know-how ze vermëttelen, deen noutwendeg ass, fir wierksam a kohärent ze schaffen.

D'Madame Ministesch sot, datt een déi Bénévole bräicht, mä datt ee se net kéint eleng loosse, well et der éischten ëmmer männer gëtt an zweetens si sech dacks verzettelen an et esou zu zig Publikatiounen am Tourismusberäich kéim mat Widderhuelungen an ouni roud Fuedem an deem Ganzen. Ech deelen d'Opfaassung, datt ee sech muss eng „corporate identity“ ginn, well een e Konzept an dat Ganz muss bréngen.

Mä am Fall vun den Ardennen ass et awer esou, datt hei déi Bénévole dem ORT eng ganz wäertvoll Virlag geliwwert hunn an haten, an datt hir laangjäreg Experienz dofir hätt misse vill méi intensiv an d'Aarbecht vum ORTAL aflëssen. Hei besteet also nach Verbesserungspotenzial.

Wann den Tourismusministère den ONT finanziell opstockt, fir am Ausland kënnen eng optimal Reklamm fir Top Events ze maachen, da misst d'Basis am ganze Land, déi déi Top Events jo soll kreéieren, och adequat finanziell Mëttel derfir kréien. Et geet jo net, datt d'Gemengen dee gréissten Deel vun deene Käschte mussen droen, esou wéi dat dacks de Fall ass.

An deem Kontext ass et ze bedauern, datt bei der Finanzéierung vun de Gemengen net och no hiren touristesche Missioun gekuckt gëtt. Hei stellt sech weiderhin d'Fro, wéi d'Gemengen, besonnesch déi, déi zu den touristeschen Unzéiungspunkte gehéieren, staatlechersäits besser a méi geziilt ënnerstëtzt kënnen ginn, virun allem wann et op déi sougenannt récurrent Dépenses ukënnt a wann een op déi kuckt.

De Ministère huet mam ONT zwar festgehalen, datt si eng top Pub fir zwee Top Events maachen, wéi zum Beispill den IRONMAN op der Musel. D'Ententen aus den Ardenne goufe par contre guer net gefrot. Do gëtt ee wierklech dat donkelt Gefill net lass, datt d'Ardennen etlech Mol léns leie gelooss ginn an iwwerhaupt net zu de Prioritéite gehéieren.

► **Plusieurs voix.**- Ooohhh!

► **M. André Bauler** (DP), interpellateur.- Här President, am Norde vum Land plangen d'Syndikater e grouss Wegenetz, den „Ardennen-Trekking“, dat ronn 520 km laang ass. Bis ewell hu si eng respektabel Aarbecht op bénévolen Plang geleescht. Dëst Wegenetz soll duerch déi 26 Gemenge vum Nordbezirk an natierlech duerch d'Gebidder vun alle Syndikater goen. Hei ass eng héichwäerteg Viraarbecht vu fräiwëllege Mataarbechter geleescht ginn.